Léif Veräiner, léif Elteren a virun allem léif Jonker,

Wéi verschiddener vun iech bestëmmt scho matkritt hunn, fënnt d'JEO dëst Joer **den 12.-14. Juli zu Kreuzlingen** an der Schweiz statt, dëst ass Ronn 450km vu Lëtzebuerg fort. Wéi och d'lescht Joer géifen Doriana an ech gären Teamleedung vun der desjäreger JEO iwwerhuelen.

Elo wou d'Feierdeeg eriwwer sinn, wollte mir eis emol ëmfroen, wien dest Joer un der JEO deelhuelen well. Mir wollten e klengen Iwwerbléck kréie wéi vill Leit potentiell géinge matgoen, fir dass mir eis Gedanken em Hotel, Transport a Budgetsfroe machen kennen. Dofir epuer Froen:

- Wells du op der JEO starten? Wann jo, mat wéivill Henn?
- Wéi géifs du ureesen (mat den Elteren oder muss een dech mathuelen)?
- Schleifs du um Camping oder an engem Hotel?

Mir géifen mir dech bieden eis **bis speitstens den 5. Februar** op des **3 Froen** ze äntweren. Mell dech w.e.g. och wann's du dir nach net secher bass ops du wells oder kanns matgoen an och wann's du nach net wees op däin Mupp dann schon am A2 ass. Denkt drun, dass:

- d'Altersgrenz beim Joergang 2001 leit
- du 4x am In- oder Ausland mat dengem Mupp gestart muss sinn
- däin Mupp um Weekend vun der JEO 24 Meint all muss sinn
- däin Mupp bis d'Umeldung am A2 starten muss (hei ass nach keen offiziellen Datum bekannt)

Da géifen mir iech och nach bieden iech den **23. Februar ab 17h** freizehalen, esou dass mir eis do alleguer treffe kennen fir iech all néideg Informatiounen ze ginn.

Ennert desem Link wärt dir an der nächster Zäit dann och all déi offiziel Informatiounen fannen:
https://www.jeo2019.com/de/

Mir géifen eis frëen wann's du dobäi wiers.

Léif Gréiss,

Doriana Sportelli a Geraldine Rissé